



Jonk Demokraten

Öffnungszeiten liberalisieren

#OpAnZou

D'Jonk Demokraten (JDL) setze sech fir eng Liberaliséierung vun den Öffnungszeiten vun eise Butteker an. An enger schnellieweger Zäit, an där den elektronische Commerce ëmmer méi zouhëlt, misst all Geschäftsmann/fra **selwer d'Recht** hunn ze bestëmmen wéini säi Buttek op huet fir kënnen mam elektronische Commerce matzehalen. E gesetzleche Kader, deen engem Patron virschreift säi Geschäft ab enger gewëssener Auerzäit zouzemaachen, respektiv verbitt op verschidde Feierdeeg guer net eréischt opzemaachen, fanne mir als Jonk Demokraten **net méi zäitgeméiss**.

D'Geschäftsleit wësse selwer am Beschte wéini si hiert Geschäft sollen op an zou maachen. **Weider huet sech eis Gesellschaft esou verännert**, dass zemools jonk Leit no der Aarbecht keng Zäit hunn fir akafen ze goen oder vun enger Déngschtleeschtung kënnen ze profitieren.

Dëse Model dierf natierlech **keng Nullpartie fir d'Aarbechter** ginn. Dofir ass et wichteg, dass d'Aarbechtsrecht och hei gräife kann, dass Aarbechtsstonnen déi Owe, respektiv op Sonn- oder Feierdeeg, geleescht ginn, och deementspreechend bezuelt ginn.

Dofir fuerderen d'Jonk Demokraten eng **komplett Liberaliséierung vun den Öffnungszeiten vun de Geschäfte**, fir dass de Patron selwer kann entscheeden wéini e seng Wuer ka verkafen, respektiv seng Déngschtleeschtung kann ubidden.